

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Ausseministère. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7885. Den Text steet am Document parlementaire 7885⁹.

Ech wollt Iech drop hiweisen, datt an den Artikelen 4, 8, 9 an 11 sechs Trackchanges nach hu missen ewechgeholl ginn. Am Artikel 4 ass et eng „5“, déi nach duerchgestrach war. An an den Artikelen 8 an 9 sinn dat jee weils zwee „s“, déi duerchgestrach waren, an am Artikel 11 een „de“, deen ennerstrach war. Mir stëmmen elo iwwer dësen Text ouni dës Trackchanges of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7885 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen uegheoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Claude Wiseler), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Léon Gloden), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

9. Mots de bienvenue

Bevor wir zum nächsten Punkt der Tagesordnung kommen, erlauben Sie mir, unsere Freunde der Vereinigung ehemaliger Mitglieder des Landtags Rheinland-Pfalz zu begrüßen. Seien Sie herzlich willkommen in der Abgeordnetenversammlung in Luxemburg! (Applaudissements)

10. 7787 – Projet de loi relatif à la mise en œuvre du règlement (UE) 2017/821 du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2017 fixant des obligations liées au devoir de diligence à l'égard de la chaîne d'approvisionnement pour les importateurs de l'Union qui importent de l'étain, du tantale et du tungstène, leurs minerais

et de l'or provenant de zones de conflit ou à haut risque

Mir kommen elo zum Projet de loi 7787, der Ëmsetzung vum engem europäesche Règlement, dat Obligatione fir d'Importateure vun 3TG fixéiert, wann déi aus enger Konfliktzon stamen.

An de Rapporteur vum dësem Projet de loi ass nach eng Kéier den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Und aus Respekt vor den Kollegen da oben werde ich versuchen, etwas langsamer Luxemburgisch zu sprechen. Vielleicht könnten Sie dann verstehen, um was es heute geht.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Zwangsarbeit, Kannerarbeit, d'Finanzéiere vun arméierte Gruppen, Geldwäsch, Korruption a sëlleg aner kriminell Aktivitéite sti ganz heefeg a Verbindung mat sougenannte Konfliktmineralien. Dofir ass am Mee 2017 um europäeschen Niveau e Règlement zu dëse Konfliktmineralien zustane komm, dat den 1. Januar 2021 a Kraaft getrueden ass. Konkreet geet et hei drëms, sécherzestellen, dass Importateure vu Konfliktmineralien déi international Standarde vun der OECD erfüllen.

Déi betreffen Entreprisë müssen eng Partie Virkéierungen huelen, fir sécherzestellen, datt déi importéiert Konfliktmineralien net aus sougenannte Konfliktzone kommen. Si müssen notament och eng Liwwerkettepolitick aféieren a ginn derzou ueghealen, d'Risiko vun hirer Liwwerketten ze evaluéieren. Entsprechend mussen si Strategien en place setzen, fir eventuellen negative Konsequenzen dovunner entgéintzewierken. De Rapport mat dësen Informatione müssen d'Entreprise op hirem eegenen Internetsite publizéieren.

Als Konfliktmineralie gëlle véier Mineralien, déi am heefegste mat Gewalt a Verbindung stinn: Dat sinn den Zënn, den Tantal, de Wolfram an d'Ärzer aus dëse Metaller, gradewéi d'Gold. Weinst hiren engleschen Nimm „Tin“, „Tungsten“, „Tantalum“ a „Gold“ gëtt am Sproochgebrauch „3TG“, „Dräi-TG“, gesot. Dës wäertvoll Mineralie ginn net just fir Bijou benotzt, mee stellen och dacks eng essentiel Komponent duer vun Handyen, Computeren an aneren techneschen Apparaten.

D'Zil vum Règlement ass, de Lien tëscht de Mineralien an der illegaler Exploitation, den arméierte Konflikten an de Mënscherechtsverletzungen effektiv ze brieche. Et soll och dozou féieren, d'Ausbeutung vu lokale Communautéiten ze stoppen an d'Situation vu Minnenaarbechter souwéi déi lokal Entwécklung an de betroune Regiounen laangfristeg ze verbesseren. Dofir brauchen déi zoustänneg Autoritéiten och déi néideg Pouvoiren, fir kënnen sécherzestellen, datt Entreprisë sech beim Import vun den 3TG an d'Europäesch Unioun och un d'Reegelen halen.

Do komme mir bei de Projet de loi 7787, deen den 10. März 2021 deposéiert gouf. Dëse Gesetzesprojekt ass fir déi national Ëmsetzung vum europäesche Règlement noutwenneg a betrëfft déi Entreprene, déi déi 3TG a gewësse Quantitéiten hei a Lëtzebuerg importéieren. Obschonn d'Reglement direkt applikabel ass, sinn eng Partie national Bestëmmungen ze definéieren. Am Gesetzesprojekt ginn den Ausseministère an och d'Douane als zoustänneg Autoritéiten designéiert, fir déi néideg Kompetenzen ze kréien,

fir Entreprene, déi 3TG a bestëmmte Quantitéiten importéieren, effektiv ze kontrolléieren. D'Entreprise muss och der Douane all déi noutwenneg Informatione kënnen weisen an zur Verfügung stellen.

Hei wëll ech och gär soen, datt mir an der Kommission erkläert kritt hunn, datt den Ausseministère op sengem Internetsite d'Rapporte vun den Entreprene, an deenen d'Liwwerkettepolitick erkläert ass, wäert verlinken, fir der Zivilgesellschaft an de Konsumenten eng méiglechst gutt Iwwersiicht ze ginn.

De Projet de loi gesäit Measure-correctiven an och administrativ Sanktiounen vir. D'Strofe kënnen tëscht 10.000 an 100.000 Euro leien. Dateschutzdispositione si selbstverständlech och virgesinn.

De Projet ass de 15. Juli 2022 eng éischt Kéier amendéiert ginn, fir eng Partie Präzisierungen ze maachen, an de Staatsrot huet de Projet de 25. Oktober 2022 aviséiert; do gouf et eng Partie Oppositionen formelles. Op enger Rei Plaze ware am Text Formulatiounen, déi net exakt dem europäeschen Text entsprach hu respektiv et waren och bestëmmte Dispositionen dran, bei deenen de Staatsrot fonnt huet, de Projet de loi wär méi restriktiv. Eis national Legislatioun muss evidentereis awer mat der europäescher Legislatioun iwwereneenstëmmen, a fir deem Rechnung ze droen, sinn de 27. Februar vum dësem Joer eng zweet Kéier Amendement vum der Regierung erabruucht ginn. Kuerz drop, de 14. März, huet de Staatsrot säin Zousazavis ginn, deen du positiv war. De Projet ass den 8. Mee an der aussepolitischer Kommission virgestallt ginn. An der selwechter Sitzung sinn ech Rapporteur genannt ginn an de Rapport ass an der Kommissionssitzung d'lescht Woch, de 5. Juni, uegheoll ginn.

Ech ginn nach gär ganz kuerz op d'Avisen an, déi zu dësem Projet eragereecht goufen. Dat ass als alleréisch emol den Avis vun der Mënscherechtskommission vum 9. November 2021. Si geet hei och detailléiert op dat europäescht Règlement an. D'Mënscherechtskommission hieft enner anerem ervir, datt d'Envergure vum Règlement limitéiert ass; engersäits, well et sech op den 3TG beschränkt, an et och aner Metaller a Mineralie gëtt, déi a Verbindung mat Konflikten stinn; anerersäits, well eng Entreprise eréischt vum Règlement betraff ass, wa se eng bestëmmte Mindestquantitéit vun deene Mineralien importéiert. Vu datt et sech ëm e Règlement handelt, hu mir als Lëtzebuerg eng kleng Marge de manoeuvre fir eist nationaalt Gesetz. D'Envergure vum Gesetz, déi betraffe Metaller a Quantitéiten sinn eebe vum europäeschen Niveau virgeschriwwen.

Ausserdem huet d'Mënscherechtskommission drop gehalen, datt d'Lescht vun de betroune Importateuren effentlech publizéiert gëtt, fir datt d'Autoritéiten, awer och d'Zivilgesellschaft, d'Konsumenten an eventuell souguer betroune Affere vu Mënscherechtsverletzungen Accès dorop kéinten hunn. Hei verweisen ech nach eng Kéier op déi Säit vum Ausseministère, déi op d'Rapporten zu de Liwwerkette vun de jeeweiligen Entreprisë verlinkt. D'CCDH huet och eng Partie Froen gestallt zu der Datespäicherung an doriwwer, wat geschitt, wann ee sech net un d'Reegelen hält. Zanter dem Avis vun der Mënscherechtskommission ass den Text zweemol amendéiert ginn an do sinn dann effektiv och eng Partie Saache kloer gestallt ginn.

Da gouf et nach dräi Avisa vum der Chambre de Commerce a vun der Dateschutzkommission; dee leschten ass eis den 19. Abrëll dëst Joer zougestallt ginn. Fir den Detail verweisen ech hei op mäi schrëftleche Rapport.

Alles an allem war dat Gesetz ganz laang ennerwee, och wa mer eis bei eiser Aarbecht an der

Kommissioun vill Méi ginn hunn, fir keng Zäit ze verléieren. Et ass dofir gutt, dass mer et haut stëmmen.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

An ech soen Iech Merci a ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och.

An ech ginn d'Wuert direkt weider un den Här Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV) | Merci, Här President. Ech wëll dem Här Cruchten och Merci soe fir säi Rapport. Mir mengen och, datt et wichteg ass, datt dësen Text gestëmmt gëtt. En ass am Fong en Text, deen an engem ganzen Ensembl vun europäesche Reglementer ... respektiv déi mer hei ëmsetzen, déi fir d'Protektioun respektiv de Contrôle vun Entreprises, déi Commerce maache mat Länner, wou dat u sech net ubruecht ass a sënnavoll ass, fir dat ënner Kontroll ze kréien, fir et ze suivéieren an et och gegebenefalls ze sanctionéieren. An deem Sënn ass dat Gesetz fir eis och e wichtegt Gesetz a mir wäerten et stëmmen a mir si ganz positiv dozou agestellt.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An nächste Riedner ass den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. D'Problematik vum Liwwerkettegesetz, dat gëtt jo scho ganz intensiv déi lescht Joren – net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee och virun allem hei zu Lëtzebuerg – diskutéiert. Bon, bis elo hu mir nach keen definitive Konsens an där Problematik fonnt. Mir hu jo awer och eng Plattform hei zu Lëtzebuerg, vun enger Rei Organisatiounen, ech mengen, et sinn der 17, déi sech – dat muss een hei ënnersträichen – mat ganz vill Engagement do setzen. An et gouf jo och eng Proposition de loi ausgeschafft vun hinnen, déi dann iwwert de Wee vun zwou, nee, net Fraktiounen, dat kann een net soen, mee vun zwou Parteien dann hei deposéiert gouf.

Den Devoir de vigilance ass ouni Zweifel och e wichtigen Aspekt vun der Entwécklungspolitik. Ech mengen, Lëtzebuerg huet sech am Fong geholl ëmmer – net nëmmen um EU-Niveau, mee doriwier eraus – fir Mënscherechter agesat an och fir e korrekten internationalen Handel. Et läit jo och e Projet de directive vir, fir e Liwwerkettegesetz op deem Niveau zeréckzebehalen. Ech ka mech erënneren, ech mengen, dat muss am November 2021 gewiescht sinn, wéi den zoustännegen EU-Kommissär, den Didier Reynders, hei bei eis war, wéi hie seng Iwwerleeungen hei presentéiert huet, déi am Fong sech ... Et konnt een et novollzéien, mee bis dato ass et nach ëmmer schwierig gewiescht, fir och op deem Niveau awer ze legiferéieren.

Mir als Demokratesch Partei si selbstverständlech der Meenung, datt verschidden Entreprises och eng moralesch Verpflichtung hunn, dat se wëssen, datt bei der Hierstellung vu verschiddene Produkter eethesch a moralesch Kritärer mussen respektéiert ginn. Den Devoir de vigilance ass ouni Zweifel eng wichteg Aufgab, och fir eis Gesellschaft. Besonnesch, wann een aus engem Land kënnt wéi Lëtzebuerg, dat jo awer net onbedéngt déi ganz grouss sozial Problemer huet – woubäi ech dat net wëll minimiséieren, wat awer sech ab und zu bemierkbar mécht –, muss een dann och e Bléck fir déi reell Problematik hunn an et däerf een net nëmme säi Confort gesinn, säi Profit. An dofir hu mer och déi moralesch Verpflichtung, déi Produkter, déi ënner net eetheschen, moralesche Konditiounen hiergestallt ginn, awer och méi kritesch ze gesinn.

Haut hu mer jo e ganz wichtige Projet de loi, wou et ëm gewëss Edelmetaller geet; a wat virun allem schlëmm ass, ass, datt bei der Hierstellung vun deenen Edelmetaller eeben och vill Geld natierlech verdéngt gëtt, an dat Geld gëtt oft benotzt, fir zousätzlech Konflikter op der Welt ze provozéieren, an do däerf een op kee Fall dat esou zouloossen! Wéi gesot, meng Partei ass op alle Fall der Meenung, datt déi Prinzippien mussen respektéiert gi vun der Moral, vun der Eethik, mee et soll awer virun allem eng Léisung op europäeschem Plang fonnt ginn. Et ass also awer e wichtige Schratt, dee mer haut hei ënnerhuelen, wuel wëssend – an dat ass jo haut duerch e Communiqué och nach bekannt ginn –, datt et immens laang gedauert huet, bis dat hei zustane komm ass. An awer muss een an der Politik och emol dat Positiivt gesinn, a mer kënnen awer haut soen, datt mer awer zumindest op deem laange Wee elo eng wichteg Etapp erreicht hunn.

Här President, Dir Dammen an Hären, natierlech fält der Kontroll an där ganzer Problematik hei eng grouss Roll zou. Ech wëll drop hiweisen, datt awer déi Kontroll nëmme kann duerch ëffentlech Autoritéiten hei garantéiert ginn, wou natierlech och d'Douane eng gewëss Roll ze spillen huet. Et kann net esou sinn, datt net ëffentlech Organisatiounen op eemol och e gewëssent Recht kréien, fir ze kontrolléieren. An et wier och net gutt, wann hei op eemol Betriber géifen un de Pranger gestallt ginn, ouni datt awer hei déi ëffentlech Hand direkt elo konnt hir Practices accuséieren. Et däerf net sinn, datt op eemol verschidden Organisatiounen oder Leit zum Richter ginn, wat an engem Rechtsstaat net esou virgesinn ass. Mir mussen also dofir e gudden Equiliber fannen zwëschen engersäits ekonomeschen Uspéich, anerersäits moralesch-eethesche Verpflichtungen. E Betrib muss eng gewëssen Autonomie jo nach kënnen behalen. Ech mengen, d'Recht op Liberté de commerce ass nun eeben och an eiser Constitutioun verankert, an dat kann een net esou liichtfankeg op d'Spill setzen.

Här President, Dir Dammen an Hären, zur Konkusioun. Nach eng Kéier soll hei gesot ginn: Et ass an eisen Aen e wichtegt Gesetz, dat mer haut stëmmen, et ass en Ufank. Mir beweegen eis hei an engem ganz delikaten Dossier, dat beweist och schonn déi grouss Zuel vun Avisen. Ech wëll och all deenen Organisatiounen Merci soen, déi sech Gedanke gemaach hunn iwwert dee Gesetzesprojet hei an doriwier eraus och, wéi an Zukunft e Liwwerkettegesetz soll ausgesinn. Mir kënnen natierlech elo haut soen: „Et geet net wäit genuch!“ Jo, dat gëllt virun allem um Niveau vun Edelmetaller, ech denken u Lithium, ech denken u Kobalt, datt och do nach zousätzlech muss legiferéiert ginn. Awer et ass ouni Zweifel haut e wichtige Schrëtt, dee mer ënnerhuelen. Dofir fënnst dat och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei an ech wëll och ofschléissend dem Rapport, dem Yves Cruchten, nach eng Kéier Merci soe fir seng verschidde Rapporten.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | A merci Iech. D'nächst Riednerin ass d'Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, villmools merci nach eng Kéier un de Rapportier fir säi Rapport, an och mir gesinn deen Text, dee mir haut stëmmen, e bësselchen an engem méi breede Kader, nämlech deem vun eisen europäesche Bestriewungen, fir eebe fir méi Mënscherechter an eise Chaires de valeur ze suergen, der sougenannter Due Diligence. Ma dat hei ass elo en alleréischte Schrëtt a Richtung vun enger verpflichtender Suergfaltsflicht

an dofir si mer natierlech och immens frou, deen Text haut endlech kënnen ze stëmmen.

Et ass, wéi gesot, een éischte Schrëtt an déi richteg Richtung, mee do feelt awer nach e ganze Batz handendrun. Et gëtt nach aner Mineralien, déi hei och kéinten oder sollten drënnerfalen, mee et geet jo am Fong geholl och net just ëm Matière première, et geet ëm all Secteur à risque, och an der Veraarbechtungs- oder an der Ernährungsindustrie. Wéi gesot, egal wéi frou mer sinn, dass mer haut elo emol den éischte Schrëtt maachen, wéilte mer awer festhalen, dass dat hei awer elo dräi Éiwegkeete gedauert huet, dass un deem Text hei gedokt ginn ass, well d'EU-Diskussiounen hunn hei 2014 ugefaangen. 2021 eréischt louch den EU-Reglement um Dësch an zënterhier waart Lëtzebuerg dann eeben och drop, de begleedende Gesetzestext kënnen ze stëmmen.

Mir sinn, wéi gesot, frou, dee klengen Exercice haut kënnen mat dësem Vott ofzeschlëssen, mee et mécht eis awer wierklech Suergen, wa mer gesinn, wéi lues d'Millen effektiv dréien, wann et drëm geet, d'Rechter vu Mënschen, déi méi wäit ewech vun eis wunnen, ze verdeedegen. Wann een nämlech gesäit, dass et elo effektiv bal zéng Joer gedauert huet, fir en Text fir véier Konfliktmaterialie stëmmen ze kënnen, dann ass et eis wichteg, drop ze pochen, dass mer bei der Mammutaufgab – also am Verglach elo heizou – vun engem méi breeden Devoir de vigilance awer effektiv e gudden Strapp méi séier sollte virukommen.

Une voix | Très bien!

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Mee de positive Message ass awer op alle Fall deen hei: Wa mer wëllen, da kréie mer eppes hin, an dat souguer och mat relativ konsequente Strofe fir déijéineg, déi sech net drun halen. A mir kënnen dann nach nëmmen hoffen, dass mer op EU-Niveau elo relativ schnell weiderkommen, fir fir eng méi breet Due Diligence ze suergen.

Et ass och de Volet vun der Transparenz op nationalem Plang ugeschwat ginn. Natierlech, grad och, wa mer wëlle sécherstellen, dass awer och eng Zivilgesellschaft kann hire Rôle spillen, da brauch et eng gewëssen Transparenz, an do geet et eeben och ëm d'Lëscht vun de Betriber, déi hei ugesidelt sinn an déi ënnert dat Reglement falen, dass ee reegelméisseg kann nokucken, wou se dru sinn an ob se hirer Pflicht nokommen. An do ass et d'Demande vun der Zivilgesellschaft, dass dës Lëscht soll reegelméisseg publizéiert ginn a mir vertrauen deemno natierlech dann och op d'Annoncé vum Ausseminister, dës Betriber op der Säit vum Ausseministère ze verlinken an déi Lëscht dann och reegelméisseg à jour ze setzen.

An an deem Sënn gi mir natierlech eisen Accord fir dësen Text a soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fernand Kartheiser, deen och scho prett ass. Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Villmools merci, Här President. A wéi et sech gehéiert, soen ech och dem Rapportier Merci fir déi Presentatioun vun dësem Text. Ech mengen, och hei kann ech mech op e puer Punkte beschränken, e puer Punkten, fir d'éischt emol, wann Dir mir se erlaabt, vu legistescher Natur. Mir hunn hei also nach eng Kéier e Reglement, dat eigentlech misst eng Direktiv sinn, well soss misste mer net hei vill driwwer schwätzen, well e Reglement ass d'Application directe, an et wär net schlecht, wa mer am europäesche legislative Prozess oder beim Equivalent dovun op europäeschem Niveau géife vun

Direktiv schwätzen, wa mer hei eppes mussen ëmsetzen an der Chamber, a vu Reglement, wou mer eis net musse mat engem Text befaassen, well en eeben d'application directe soll sinn.

Dann, wat hei awer elo déi méi politesch Punkten ugeet, déi mir wëlle maachen, dat sinn der u sech véier. Den éischten ass deen, dass mer hei erëm eng Kéier iwwer Liwwerkette schwätzen, wéi eis Suerg awer déi ass, fir natierlech, jo, déi moralesch Dimensioun – den Här Cruchten huet déi gutt beschriwwen – no vir ze bréngen, dass jiddereen, deen do aktiv ass an deem Secteur, sech enger gewësser moralescher Verantwortung bewosst ass. Mir mussen awer och soen, dass mer d'Entreprises an hire Méiglechkeeten net dierfen iwwerbelaaschten an dass de Staat amplaz vill vu Strof, vu Publikatioun, vu Kontroll ze schwätzen, villméi vun Hëllef fir d'Entreprisë misst schwätzen, fir dass se kënnen hir Liwwerkette besser ofschätzen, well desto méi kleng eng Entreprise ass oder desto manner international Kontakter se huet, desto méi schwéier ass et fir eng Entreprise, iwwerhaapt dat kënnen ze leeschten, wat awer hei vun hir erwaart gëtt.

Déi ëffentlech Hand huet do aner Méiglechkeeten. Sécher kann een do soen: „Entreprisë kënnen zesummeschaffen, fir esou Informatiounen ze fannen.“ Awer mir denken, dass een dat net soll iwwerdreien, mee den Entreprises hëllefen, an et ass och fir eis eng Geleeënheet, nach eng Kéier ze soen, dass mer keen nationaalt Liwwerkettegesetz solle maachen, mee dass, wann esou eppes um europäeschen Niveau geschitt, mer eis dann uschlësse sollen. Awer mer sollen net nach d'Liewe vun den Entreprisë méi schwéier maachen, onrealistescht schwéier maachen, iwwerproportional schwéier maachen!

Den zweete Punkt betrëfft d'Ëmsetzung vum Gesetz selwer. Den Här Cruchten hat a sengem Rapport gesot, wéi vill Oppositions formelles do waren. Mir fannen dat net normal, well u sech eng ganz Rei vun Opposition-formellë sech ëm rechtsstaatlech Froe gedréit hunn – Froe vun der Proportionalitéit, Froe vun der Prozedur, Froe vun de Strofen –, an dat ka jo net sinn! Ech mengen, hei muss en Appell un d'Regierung gemaach ginn, dass, wann esou eng Proposition an e Projet de loi gemaach ginn, een awer dann net bei elementare rechtliche Froe schonn d'Opposition vum Staatsrot begéint.

Déi drëtt Consideratioun ass déi vum Mënscherechtsrot, déi mir gär opgräifen, ratione materiae: Do gëtt vum Mënscherechtsrot gesot, do wäeren eng ganz Rei aner Substanzen, déi géife feelen, wéi de Kobalt, wéi de Lithium, wéi den Nickel, wéi den natierleche Graphit. Där Meenung schlësse mir eis un. Mir mussen dat am A behalen an hei si jo awer och Mënscherechtsverletzungen dokumentéiert, déi mir kennen.

An dat Schlëmmst ass notament beim Ofbau vum Kobalt, wou mer Kanneraarbecht hunn. De Problem ass – an et kann een et ëmmer nëmme widderhuelen –, dass de Lëtzebuurger Staat hei zwar den Entreprises aus moralesche Grënn Liwwerkettenobligatiounen operleet, wat mir kennen novollzéien an zu engem groussen Deel och matdroen, awer do, wou de Staat selwer subventionéiert – subventionéiert! –, also mat Steiersue férdert, dat heescht, den Import vu Kobalt aus Kanneraarbecht, dat toleréiert en. An do soe mir, dat kann net sinn, dass de Staat dat mécht, well e mécht et en pleine connaissance vun de Faiten, déi ginn och hei net nieiert! Et gëtt ëmmer gesot: „Et kommen dann europäesch Initiativen zesumme mat Schweden oder och mat Südkorea, fir dass ze redresséieren.“ Déi sinn net do. Mir constatéieren am Abléck, dass de Staat nach ëmmer Kanneraarbecht beim Ofbau vu Kobalt subventionéiert. Mir maachen dat net mat! Et ass net den Objet vun deem

Gesetz, awer mir bedauern, dass esou Substanze wéi de Kobalt an de Lithium eeben hei feelen.

Eis lescht Bemierkung betrëfft d'Inspektiounen. Do ass d'Douane chargéiert, dat ze maachen. Dat versteet sech, dass och nozevollzéien. Do steet am Text, „pendant les heures [de bureau]“ soll dat gemaach ginn, dass ass gutt, dass ass ziviliséiert, „dans les locaux des importateurs“, also an de Bürosraim zu de Stonnen, wou déi Bürosraim fonctionéieren. Wann ech dat mat deem vergläichen, wat de Baueren zougemutt gëtt, wann déi en Dëppe Glyphosat ... Dat ass jo elo erëm legal. Mee wat do ass, dass kann an de private Raim si vun de Baueren doheem, da ka bausent de Fonctionnementszäite vun hirem Bauerebetrib sinn, de jour et de nuit, an dann ass dat komplett disproportionéiert. An och dofir huet d'ADR ëmmer erëm géint Gesetz gestëmmt, wou géint d'Baueren intrusiv Methode benotzt gi fir u sech relativ kleng Vergeen, während dat hei awer ziviliséiert ofleeft. Ma mir sollen net an anere Beräicher ..., och am Ëmweltberäich solle mer op en ziviliséierte Wee goen, wéi en hei ugeduecht gëtt, amplaz ze iwwerdreien.

Dat gesot, wäert d'ADR, compte tenu vun där gudder Intentioun an enger grousser Verantwortung, déi awer a ville Beräicher vun deem Projet läit, en awer och matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Dëst europäescht Reglement, dat jo soll de Risiko senken, dass mer gewëss Mineralien aus Konfliktregiounen importéieren, ass schonn 2017 decidéiert ginn a säit dem 1. Januar 2021 a Kraaft. Datt mer elo am Mee 2023 eréischt déi legal Viraussetzung schafen, fir dass d'Reglement och zu Lëtzebuerg kann applizéiert ginn, seet eiser Meenung no immens vill aus iwwer d'Bereitschaft vun der Regierung, an dëser Problematik virzegoen.

Virop géif ech gär den Här Minister froen, ob e mer ka soen, ob déi betraffe Lëtzebuurger Entreprises dann 2021 an 2022 dëst Reglement och ëmgesat hunn an ob se och déi Rapporte verëffentlecht hunn, déi rechtlech virgese sinn.

Här President, mir wäerten dëse Projet de loi natierlech matstëmmen, well et letztendlech e Fortschrëtt ass. Mee et muss ee ganz kloer soen, dass et e minimale Fortschrëtt ass. D'Reglement huet just eng ganz limitéiert Portée, och dass ass hei schonn ugekënnegt ginn:

Éischtens gëllt et just fir e puer ausgesicht Mineralien – Zënn, Tantal, Tungsten a Gold –; zweetens gëllt et just, wann e bestëmmte Seuil bei den Importatiounen erreecht ass, soudatt Importateure vu méi klengen Quantitéite sech net brauchen drun ze halen, mam Risiko, dass probéiert wäert ginn, d'Importatiounen op méi Entitéiten ze verdeelen, fir d'Seuilen ze ënnerlafen; drëttens gëllt et och just fir Importateure vu Réimaterial an net, wann d'Material scho verschafft gouf, a véiertens gëtt och just d'Hierkonft aus Konfliktregiounen gekuckt, während aner Mënscherechtsverletzungen, wéi zum Beispill Kanneraarbecht, net berücksichtegt ginn.

Dëst si just déi wichtegst Kritikpunkten. Et gëtt aner, op déi d'Mënscherechtskommissioun an hirem exzellenten Avis agaangen ass. Dëst Reglement aus dem Joer 2017, dat jo eigentlech just eng Reaktioun ass op eng änlech US-amerikanesch Legislatioun, weist awer och, dass den Debat iwwer den Devoir de vigilance an Tëschenzäit dann och endlech virukomm

ass. Déi politesch Ambitioun an dem Beräich ass nach laang net do, wou mir se wëlte gesinn, mee se ass mëttlerweil ëmmerhi méi héich wéi 2017. An dat ass och a groussen Deeler de Verdéngscht vun den Organisatiounen aus der Zivillgesellschaft, déi d'Fro vun de Mënscherechter an de Liwwerkette mat ganz vill Energie op d'Agenda bruecht hunn a se och do halen.

Wat d'Ëmsetzung hei zu Lëtzebuerg ubelaangt, huet Fairtrade Lëtzebuerg geschéit via Communiqué – Dir hutt et vläicht gesinn – e puer Recommandatiounen un d'Regierung geschéckt. Ech fannen déi ganz sënnavoll a wëll se dann och hei nach eng Kéier widderhuelen:

Éischtens soll d'Regierung eng Lëscht opstelle vun den Entreprises hei zu Lëtzebuerg, déi ënnert dëst Gesetz falen, dat ënner anerem, fir dass d'Zivillgesellschaft den Engagement vun den Entreprisë ka kritischesch begleeten, wat jo och hir Roll ass; zweetens mussen d'Iwwerprüungkrittären op enger Linn mat de Krittären vun der OECD an deem Beräich leien an drëtzens recommendéiert Fairtrade Lëtzebuerg der Regierung, déi concernéiert Entreprises och reegelméisseg ze kontrolléieren, fir dass dat Gesetz hei och ëmgesat gëtt.

Iwwregens erënnert d'ONG och drun, dass am Februar 2018 hei an der Chamber eestëmme eng Motioun ugeholl gi war, dass de Staat bei de Marchépublicken och soll oppassen, keng Konfliktmineralien ze importéieren. Vläch kann de Minister och dorop herno nach eng Kéier kuerz agoen, also wou dat drun ass, wéi gesot, d'Kontroll vun de Konfliktmineralien an de Marchépublicken.

Datt d'Entreprisë mussen oppassen, dass hir Produkter a Servicer net op Mënscherechtsverletzungen berouen, misst eigentlech eng absolutt Selbstverständlechkeet sinn, an dofir brauche mir och en nationaalt Liwwerkettegesetz, sou wéi mir et och virun e puer Wochen zesumme mat de Piraten hei proposéiert hunn. An dat ass vun der Zivillgesellschaft ausgeschafft ginn, wéi Dir wësst.

Ech kann also just un d'Regierung appelléieren, politesche Courage ze weisen an zesumme mat eis un deem nationale Gesetz ze schaffen. Wéi Dir wësst, sinn d'Biergerinnen a Bierger am Land majoritär derfir.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolléeginnen a Kolléegen, dëse Gesetzestext gouf schonn am März 2021 hei an der Chamber deposéiert. Dat ass méi e Joer hier, et ass méi wéi zwee Joer hier, an elo stëmme mer dann doriwwer of. D'EU-Direktiv, op där dësen Text baséiert, déi ass vun 2017. D'Negociatioun fir déi Direktiv, déi hu laang virdrun ugefaangen. Alles an allem, zwëschent dem Ufank vun den Negociatiounen bis mir haut hei ofstëmmen, huet et also néng Joer gedauert, fir op dëse Punkt vum Vott hei zu Lëtzebuerg ze kommen.

Ech mengen, dëse Projet weist ganz kloer, wéi laang et kann daueren, fir a puncto Liwwerkette kleng Schrëtt no vir ze maachen. An et weist och ganz kloer, firwat mir Piraten zesumme mat de Kolléeginnen vun déi Lénk hei hu missen eng eege Proposition de loi areeche fir en nationaalt Gesetz. Well eng EU-Direktiv, déi vläch an zwee Méint kënn, vläch an zwee Joer, vläch och iergendwa méi spéit, vill ze laang op sech géif waarde loossen. Wa se da bis gestëmmt wier, kann et nach, wéi an deem heite Fall, schonn nees Joren daueren, bis se an nationaalt Gesetz ëmgesat

gëtt. Fir eis Piraten ass de Schutz vun de Mënscherechter eng Prioritéit an dofir wëlle mer och, dass de Schutz vun de Mënscherechter esou séier wéi méiglech hei zu Lëtzebuerg ausgebaut gëtt.

D'EU-Direktiv, déi mer haut hoffentlech wäerten hei ëmsetzen, betrëfft nëmme véier Konfliktmineralien. Et geet och net wäit genuch a Saachen Transparenz, well net kloer ass, wien hei zu Lëtzebuerg da wierklech vum Gesetz wäert betraff sinn. An dat alles geet eis am Fong net duer. Et ass eng Drëps op de gliddege Steen.

Ech kann Iech awer elo scho soen: Mir wäerten den Text trotzdem matstëmmen, well et alt wéinstens e klitzeklenge Schrëtt an déi richteg Richtung ass. Mee fir eis ass ganz kloer, dass en nationaalt Gesetz muss kommen, dat op all de Secteure ka gräifen. Esou eng Proposition läit der Chamber vir an ech freeë mech, datt mer se schonn dës Woch kënnen an der Kommission presentéieren.

Eisen Text gesäit nämlech vir, datt, wann eng Entreprise méi wéi 250 Mataarbechter huet a méi wéi 43 Milliounen Euro am Joer um Bilan mécht, se hir Liwwerkette muss iwwerpräiwen an, wa Mëssbrauch festgestallt gëtt, muss intervenéieren. Och an der Belsch an an Holland leien esou Gesetzespropositionen vir, Gesetzesproposen, déi do mat de Majoritéitsparteien ausgeschafft gi sinn. Mir sollten eis als e Land, dat seng Entwécklungsziler seriö hëlt, an, jo, och eent vun deene weënen oder dat Eenzege ass, dat säin 1 % vum RNB un Entwécklungshëllef erreecht, och hei weisen, datt mir als Lëtzebuerg Virreider wëlle sinn.

An et ass awer och ganz kloer, dass esou e Gesetz net nëmmen dorop ofziilt, als Lëtzebuerg eng Funktioun als Virbild ze hunn. Et geet och drëm, eisen Image no baussen, jo, am Ausland, ze verbesseren. Vill ze oft heescht et bei engem Skandal nach ëmmer, datt, ech zitieren: „eng Firma mat Sëtz zu Lëtzebuerg“, Zitatenn, d'Mënscherechter net respektéiert hätt. Eng Handvoll schwaaarz Schof loossen eis allegueren, eis ganz Plaz schlecht ausgesinn. Ee Beispill ass d'NSO, déi de Pegasus-Programm verkaf huet, wou bewisen ass, datt Oppositioneller a Journalisten a Spuenien, zu Athen a Griicheland an an enger ganzer Rëtsch vill méi autokratesche Staaten nach ofgelauschert goufen. Iwwerall an Europa ass Lëtzebuerg dee Moment mat deene Verbrieche – jo, ech soen, dat si Verbrieche, an et geet net nëmmen duer, e béise Brëif ze schreiwen, och wa mer am Moment net méi Moyenen hunn! – vun der NSO a Verbindung bruecht ginn. An domat muss fir eis Piraten Schluss sinn!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an der Hoffnung, datt mer esou séier wéi méiglech mat der nächster Regierung kënnen zu enger Ofstëmmung iwwert en nationaalt Gesetz kommen, ginn ech hei awer den Accord fir dee klitzeklenge Schrëtt, dee mer haut wäerte maachen.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och.

An elo huet direkt d'Regierung d'Wuert. Här Ausseminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Här President, Dir Dammen an Dir Härren, also, ech mengen ... Nach eng Kéier: D'Zil vum Reglement ass jo, ze verhënnern, dass mer an onstabile Regiounen duerch den Ofbau – an de Rapporten huet dat ganz, ganz ausféierlech a gutt

gemaach – vun Zënn, Wolfram, Tantal a Gold bewaffnet Konflikter, Mënscherechtsverletzungen, Korruption a Geldwäsch finanziell matënnerstëtzen. Dat ass d'Zil dovunner an dofir ass d'Suergfaltsflicht, déi den EU-Importateuren duerch dëst Reglement operluecht gouf, an där Hinsicht e wichtegt Instrument. Natierlech, et kann een ëmmer soen, et geet net wäit genuch, mee et ass e Schrëtt awer, mengen ech, dee wäert och markéieren.

D'Reglement ass direkt applikabel an domadder mussen d'Operateuren zënter 2021 schonns all hire Flichten, déi sech aus dem Reglement erginn, nokommen. An ech wëll der Madamm Oberweis soen, dass mer amgang sinn, Kontrollen ze maache vun 2021 – et ass ëmmer, also, ee Joer hannendrun –, an dass dat leeft an dass mer selbstverständlech och do vill Wäert drop leeën.

Heiansdo gëtt gefrot: „Wéi vill Entreprene hutt der?“ Also, mir schätzen tëscht 5 an 10, mee éischter e weënen iwwer fënnef, wéi elo zéng. A mir si mat deenen Entreprene selbstverständlech – wat eis Pflicht jo ass – amgang, och Stéchprouwen ze maachen. Mir hu schonns mat den éischte Kontrollen, wéi ech gesot hunn, ugefaangen a mir mussen natierlech, well mer keng Erfahrung doranner hunn, och a Kontakt bleiwe mam Ausland, fir och do déi richteg Linnen ze fannen.

Mat der Adoptioun vun dësem Gesetzesprojet kritt dann den Ausseministère eigentlech déi noutwendeg Pouvoiren, fir d'Ëmsetze vum europäesche Reglement iwwer Konfliktmineralien vollstänneg kënnen ze kontrolléieren. Wéi schonn den Här Cruchten gesot huet, huet de Gesetzesprojet, deen Iech virläit, als Votioun, eigentlech déi national zoustänneg Autoritéiten ze nennen, déi prozedural Aspekter vum Iwwerprüfungsprozess an Informatiouns Austausch ze reegelen an och Sanktiounen festzleeën. Dir gesitt dat jo, dass déi ganz kloer stinn.

Ech wëll och hei nach eng Kéier, wéi virun, dem Finanzministère Merci soen, mee virun allem och der Douane, déi eis erlaabt hunn, eppes mat Kapp a Fouss selbstverständlech hinzekréien. D'Reglement huet net zréckbehalen, ech soen dat och hei, datt déi national Autoritéiten eng Lëscht vun den Entreprene, déi betraff sinn, publizéiere sollen, an dofir ass et och net am Text virgesinn. Et ass ervirzesträichen, dass de Staatsrot, wann Dir gelies hutt, explizitt drun erënnert huet, dass mer net iwwert d'Reglement kënnen erausschëssen a mir keng weider Dispositionen abaue kënnen, déi verlaangen, datt déi Informatioun vum den Operateuren musse public gemaach ginn.

Allerdéngs ass et esou, dass d'Importateuren vum de Konfliktmineralien a -metaller hire Rapport iwwert d'Ëmsetzung vun de Suergfaltsflichten an de Liwwerkette mussen am Internet verëffentlechen. An dës Obligatioun schafft déi néideg Transparenz, well, fir d'Saach vun den interesséierte Parteien, ONGen zum Beispill, esou einfach wéi méiglech ze maachen, fuerdere mer extra d'Importateuren op, e Link zu hirem ëffentleche Rapport ze schécken an deen ass dann op enger ganz spezifischer Internetsäit vum Ausseministère och ze fannen. An dës Säit ass schonn operationell a wäert och komplettéiert ginn, soubal mer déi Rapporten erakréien.

Ech wëll vläicht och nach dem Här Sven Clement soen: Do deele sech d'Meenungen. Also, Lëtzebuerg war dat Land vun deene 27, dat drop gehalen huet, dass mer sollen an Europa eng Direktiv kréien iwwert den Devoir de vigilance. Déi Direktiv ass zu Bréssel deposéiert, an all deene Prozeduren, déi elo natierlech aus enger Direktiv dann eppes Konkreetes maachen, do leeft dat hei. Mir dierfen net soen: „Dat

dauert esou laang!“ Jo, heiansdo dauert et laang, mee mer wëllen awer den Ënnerschied nach verstoen tëscht engem nationale Lëtzeburger Gesetz a Saachen Devoir de vigilance an enger europäescher Direktiv, wou all 27 europäesch Länner sech mussen drun halen.

An dat ass och d'Zil, dat och dës Regierung sech vun Ufank u gesat huet: Mir hunn 2018 an den Text dragesat – dat kënnt Der nokucken –, dass mer hëllefen, fir dass eng europäesch Initiativ op de Wee kënnt – déi ass um Wee –, a wann dat net de Fall wier, dass mer da géifen op eng national Legislatioun iwwergoen. Mir sinn, ech mengen ... Bon, et ass jo un der nächster Regierung, fir dat alles ze tranchéieren – déi nächst Chamber wäert driwwer debattéieren, ganz kloer –, mee et ass kee Land an Europa ..., do ginn heiansdo esou Stécker genannt, Däitschland hätt e Stéck, Holland hätt e Stéck, mee et ass keen eenzege Land, dat wierklech, wat den Devoir de vigilance ugeet, e kohärent Gesetz huet, dat an Europa misst kënnen gëllen, an dass een domadder all dat wëll verhënnern, wat mer och wëlle verhënnern: Kannerarbechtsprodukter, Zwangsarbecht an esou weider an nach vill aner Saachen. Dat wëlle mer awer europäesch hikiréien.

Ech weess net, et ass esou eng Stëmmung am Land a verschiddene Kreesser, dass een nëmme just kéint hei eppes Guddes maachen, wann een national legiferéiert. Dat ass fir mech ganz nei. Normalerweis soe mer dach, dass mer e globale Problem wéi den Devoir de vigilance nëmmen europäesch an de Grëff kréien! An dorobber géif ech op jidde Fall ..., et ass mäi Rot, dass dës Chamber an déi nächst Chamber an dës Regierung, déi nächst Regierung, och dorunner festhalen a versichen, do eppes Konkreetes erauszukréien.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An den Här Sven Clement freet d'Parole après ministre an hie kritt se.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Ech wëll da just nach eng Kéier kuerz en Argument opgräifen, dat de Minister mer elo gesot huet: datt mer als Lëtzebuerg géifen eng Direktiv ofwaarden, déi mer gefuerdert hunn. Jo, ech fannen et och gutt, wa mer eng europäesch Direktiv hunn. Ech géif et nach besser fannen, wa mer et op OECD-Niveau géife léisen. Ech géif et nach besser fannen, wann d'UN sech géif eens ginn an deem heiten Dossier. Mee mir wëssen, datt dat dauert.

An do muss ech da feststellen, dass et hei zu Lëtzebuerg wuel awer Usus ass – an dat war net ..., dach, et war och eng Regierung, wou den Här Asselborn schon dra war –, datt mer hei zu Lëtzebuerg awer eng Tendenz hunn, Direktive virzepräifen, wa se Mënscherechter aschränken, nämlech datt mer e Gesetz iwwert d'Vorratsdatenspeicherung gemaach hunn, éier d'Direktiv gestëmmt war, an, wann et drëm geet, Mënscherechter ze schützen, datt mer do soen: „Nee, do muss mer awer op d'Direktiv waarden.“

Ech fannen, dat weist genuch. Ech sinn op alle Fall anerer Meinung, ech géif hei soen, mir brauchen en nationaalt Gesetz, wann déi Direktiv ze laang op sech waarde léisst!

M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Här President, Dir waart op mech, Dir kuckt op mech.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Jo, ech hat gemengt, ...

M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Also, ech wëllt just ee Saz soen: Wa

mer Initiateur sinn, dass sech an der Kommissioun eppes deet, dass eng Initiativ, eng Direktiv, eng Proposition op den Dösch kënn, da sollt mer dach dat net doduerch konterkaréieren, dass mer op eemol soen: „Elo maache mir zu Lëtzebuerg emol en nationaalt Gesetz.“ Ech weess net, wéi mer dat dann och verkaaft kriterien.

Mir hunn effektiv mat alle Moyenen, déi mer zur Verfügung haten, den Här Reynders an anerer ugstellt, op dee Wee ze goen. Mir hu souguer dem Här Reynders deen Avis, dee mer gefrot hate vun där Spezialistin, zougestallt. Hie war ganz frou doriwwer, a villes, wat do an deem Avis dran ass, ass an der Direktiv och iwwerholl ginn. An der Direktiv ass et vläicht méiglech, dass a verschiddene Länner dat do ze wäit geet. Et gëtt kaum Länner, wou gesot gëtt: „Dat do geet net wäit genuch.“ An do musse mer de Konsens fannen an dat ass eng haart Aarbecht, déi muss gemaach ginn, och wat d'Finanzplaz ugeet an esou weider.

Ech si fir alles oppen. Mir hunn hei selbstverständlech eis Interessen, esou wéi all Land Interessen huet, mee ech géif awer elo net de Moment verzweifelen. A wat Dir gesot hutt: „Néng Joer huet et gedauert, bis dat hei ...“ Jo, et huet laang gedauert, ech mengen net, dass dat hei géif néng Joer daueren, wann de politesche Wëllen do ass, fir virunzekommen. An dee muss Lëtzebuerg weisen; europäesch, net nëmmen national!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci.

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7787 iwwergoen, wann de Computer prett ass. En ass et.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7787 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme. Dann d'Procuratiounen. An de Vott ass elo ofgeschloss.

De Gesetzesprojet 7787 ass eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydia Mutsch), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ass d'Chamber d'accord, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

11. 8014 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la protection internationale et à la protection temporaire

A vu dass den Här Rapporteur haut am Dauerasaz ass, géif ech en direkt bieden, d'Wuert ze ergräifen zum nächste Projet de loi 8014, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert den internationale Schutz.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Net nëmme den Rapporteur ass am Dauerasaz, mee och den Här Minister. Dee Projet de loi, iwwert dee mir elo schwätzen, ass den 30. Mee zejoert deposéiert ginn an en huet als Zil, dass eist Asylgesetz zwee Arrête vum Europäesche Geriichtshaff respektéiert.

Mir maachen hei also punktuell Adaptatiounen, fir mam EU-Recht konform ze ginn. Éischtens gi kloer Krittären agefouert, déi festleeën, wéini ee bei engem Demandeur de protection internationale, bei deem d'Dubliner Reglement applizéiert gëtt, vun engem „risque non négligeable de fuite“ ka schwätzen. Ech betounen, dass et hei just ëm Leit geet, déi ënnert de Règlement Dublin III falen.

Wa bei enger Persoun an deem Fall Fluchtgefahr besteet, kann et deemno wéi gerechtfäerdigt sinn, si an eng administrativ Retentioun ze setzen, bis dass d'Persoun an den zoustännige Memberstaat kann transferéiert ginn. De Projet de loi gesäit néng Fäll vir, an deenen e Risque non négligeable de fuite kéint bestoen. Dat ass zum Beispill, wann eng Persoun sech an der Vergaangenheet schon esou engem Transfert entwunn huet, wa se e Pass gefälscht huet oder wann een ugekënnegt huet, sech engem Transfert ze widdersetzen. Mat der Aféierung vun dese Krittäre gëtt also méi Kloeerheet an och Sécherheet geschafen, souwuel fir d'Autoritéite wéi och fir d'Leit selwer.

Den zweete Volet vun deemem Projet betrëfft Persounen aus Drëttstaaten, déi an engem aneren EU-Land Beneficiaire vun enger Protection internationale sinn. Hei gëtt festgehalen, dass si net kënnen opgrond vun enger Décision de retour an e Land baussent Schengen ausgewise ginn. An där Situatioun gräift d'Immigrationsgesetz. Wann eng Persoun hei zu Lëtzebuerg keen Ophaltsrecht kritt, gëtt si iwwert eng Décision de retour an dat Land zeréckgefouert, wou si da Beneficiaire de protection internationale ass.

Donieft féiert de Projet de loi an, dass en EU-Staatsbürger, deen eng Protection internationale ufreet an eng negativ Decisioun kritt, eng negativ Äntwert kritt, och net ka baussent dem Territoire vun der Europäescher Unioin ausgewise ginn. Um Enn gëtt nach eng Erreur matérielle redresséiert an et gëtt eng Referenz bäigesat, déi bei der Transposition vun der sougenannter Qualifikationsdirektiv vun 2011 vergiess gi war. Mat deemem Projet de loi ginn also punktuell Präzisiounen gemaach. Sou gi mer, wéi gesot, net nëmme konform mat der europäescher Legislatioun, mee mir schafe fir déi eenzel Fäll e bësselche méi Kloeerheet.

De Staatsrot an d'Chambre de Commerce hunn de Projet aviséiert a keng Objektiounen gemaach. Fir d'Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och.

An éischte Riedner ass den Här Paul Galles.

Discussion générale

M. Paul Galles (CSV) | Merci villmools, Här President. Och merci dem Rapporteur, dem Yves Cruchten, fir säi Rapport, deen en elo iwwert dëst Gesetz gemaach huet. De Projet de loi 8014, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass u sech, wann een et genau hält, eigentlech eng technesch Erweiterung vun engem besteeënde System, vun deem Dublin-System, dee mir am Moment hei an Europa hunn. Natierlech ass dat e System, deen am Moment och e bëssen a Fro gestallt ass – och zu Recht –, well d'Asylpolitik vun Europa nei iwwerduecht gëtt, dofir weess een net genau, wat spéiderhin do eng Kéier kënn; hoffentlech e System, dee besser funktionéiert wéi deen aktuellen.

Mir hate relativ vill Froen an der Kommissioun, déi sinn och alleguerter beäntwert ginn, muss ech wierklech soen. Dat war och wierklech kompetent, wéi dat do beäntwert ginn ass. Ech muss zouginn, ech ginn och – an ech mengen, wann ech dem Rapporteur säi Kappnéck richteg interpretéieren – d'Hoffnung net op, dass deen neie System besser gëtt wéi deen aktuellen, deen besteeënden, an dass mer iergendwann eng Kéier an e gerechten Affäresystem kommen, deen och an Europa eng gutt an eng gerecht Verdeelung da bréngt. Mir mussen awer un deemem System schaffen, dee mer de Moment hunn, an en huet eeben eng Rei Faillen, an déi sinn elo eeben duerch déi Urteeler do kloer ginn an déi wëlle mer duerch dese Gesetzesprojet eraushuelen.

Et gouf eng wichteg Bemierkung vum Staatsrot, nämlech déi, dass mer solle kloermaachen, dass déi Lëscht vun deenen néng Fäll, déi do beschriwwen sinn, exhaustiv ass, dass och näischt derbäi fonnt, erfonnt oder nach iergendwou gesicht gëtt, dass kloer ass, ëm wéi eng néng Fäll et sech handelt. Et gëtt och eng interessant Bemierkung vun Lëtzeburger Flüchtlingsrot, déi ass och haut elo erakomm, ech hu se elo just eréischt gesinn. Dat ass zum Fall Nummer 8, wou sech déi Fro gestallt huet, wann e Mënsch eng Intentioun ausdréckt duerch e Comportement – déi Fro ass berechtigt –, wie stellt dat Comportement da fest, wien interpretéiert dat? Vläch kann de Minister eis do e bëssen hëllefen, dat och méi kloer ze kréien, wat dat ass. Ech weess, Här Minister, och Äert Kappnécken beziéungsweis Är Kappbewegung ze interpretéieren – dat ass net esou einfach –, mee ech mengen, et ass eng berechtigt Fro vum Lëtzeburger Flüchtlingsrot. Dass mer do net an iergendeng Willkür géife falen, wat ech eigentlech elo hei am Land eigentlech net fäerten.

Dann ass et kloer, ech mengen, fir eis allegueren ass et kloer, dass mer wëllen, dass, egal wéi de System elo am Moment ausgesäit, soubal e Mënsch an déi Situatioun hei kënn, dass et fir eis alleguerter wichteg ass, dass e mënschlech a fair behandelt gëtt. Dat ass eng Grondvoraussetzung iwwerhaupt, éier mer iwwert déi heite Saache schwätzen.

An deem Sënn dann och den Accord vun eiser Fraktioun an ech soen Tech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Dann huet de Gusty Graas d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Migrationspolitik beschäftegt eis net nëmme de Moment ganz intensiv, mee déi wäert eis och an den nächste Jore beschäftegen. Et soll ee sech do kengen Illusiounen hign. Et sinn eng Rei Ursaachen, déi dorop hiweisen, dass mer besonnesch um europäesche Kontinent wäerten nach mat ville Welle vu Migratioun konfrontéiert ginn, an dowéinst ass et och wichteg, dass een e legale Kader schafft, fir dass déi Leit awer ganz anstänneg an och ëmmer an hirer Dignitéit wäerte behandelt ginn. Ech